N° II 28 März 1942

# De "Freie" Lötzeburger

Mir wölle bleiwe wât mir sin

Telefon : N° 12-34 Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht Oppositio'nsblad

Verantwortleche Redacter : Dengens Dömmy Verwaltong : Prisong am Grond

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

C.W.O.II C.G.M. BG 192

*So' secher we' ons d'Bierger wénken*
*könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken*

## NAZI - REGIME

(Fortsetzong aus onser N° IO)

Den Nazi-Regime ass fanatesch, en hûet keng perse'nlech Mênong (dûerf keng ze hun). D'Mênong vum Vollék ass dirije'ert, uniformise'ert dûrch de Radio, dûrch d'Zeidongen. E Schlesier hûet de' selwegt Opfâssong we' e Schwob; e Sachs sét îech d'selwegt we' e Bayer, all hu sie de' selwegt automatesch Mênong. Et ass dûerfir net migelech mat eso' Leiden îescht ze schwätzen.

De Preiss ass we' e Kand. E muss follegen, handelen we' en Automat, en hûet ké Recht eng Bemîerkong iwer de Regime ze mâchen. Ass e gestroft, göt en agelacht, dann hûet en net ze reklame'eren, dûerf e sech net verdêdegen. "Freie Aussprache" göt et net. Maul halen ass Tromp.

Iwer gidfer Birger ass eng Kârt ausgestallt, gidferèn ass an engem Syndikat : Wîrt, Metzeler, Arbechter, Sportsmann, Föscher, Jéer a.s.w. Wann de Regime èn Dag d'Staut kritt îech èr Flêschmachine, èren Hûemer, èr Föschângel ze hûelen, da fannen s'îech op der Löscht vum dém Syndikat wo' dir ageschriwe sitt. Alles steht unter Aufsicht.

Bis elo hat de Mann bei ons genug ze dun mat sengem Buték, senger Wîerkstâd, sengem Bureau, an d'Frâ me' we' genug mat hirem Stot. D'Neuordnung hûet dât alles geännert. Hetgesdags verle'ert all Mönsch de Kapp mat dénen honnerte Verûerdnongen. An enger klenger Fabrék, an engem Hotel an eso' gûer an engem Buték hätt èn ne'deg e Beamten ze hun dèn d'Gesetzer kennt, fir net an d'Gefor ze kommen sei Verme'gen ze verle'eren a baussen d'Dir gesat ze gin. Hûet z.B. en Hotelier d'Preisser vu senge Kûemeren eng Grimmel ze he'ch gesat, da kann en IOOO RM. (IO.OOO Fr.) Strof a sein Hotel zo'gemâcht kre'en. 't ass e we'neg stârken Tubak.

Mat déne "klenge" Leiden hat de Preiss nach lîcht ze schâfen, mat den "Intellektuellen" ower nach lâng net. Affekoten, Docteren, Aptikter, Professeren, Scho'lmêschteren, Direkteren a.s.w. go'we bei ons ofgesat. Fir wat ? Well sie sech erlabt haten sech iwer de Regime eng perse'nlech Mênong ze mâchen oder eso' gûer de Regime ze kritize'eren. Sie haten dem Preiss un de Frack gegraff an hun derfir misse be'ssen.

Drot dir e "béret alpin" oder eng "Golfbox", da sitt dir betrûecht als "deutschfeindlich gesinnt".

Eso' e Regime, dèn op Angscht an Terror opgebaut ass, kann op d'Dauer onmigelech bestoen.

Mir Lötzeburger hun ons no an no dru gewinnt de Mond an d'Täsch ze stiechen (wat ons schwe'er gefall hûet), ma et könnt èn Dag wo' de Preiss d'Läpper hänke le'sst an dann du mir de Maulkûerf aus a schloen dran dat d'Fatzen eweg fûeren.

Dorop kann onse Gaul eiter Göft hûelen.

Mir glêwen heimat onse Landsleiden an der Friemd e richtegt Bild gemâcht ze hun iwer d'Zo'stänn önner dem Nazi-Regime. Iwerzêgt si mir, dat sie sech gléckleech fillen des schwe'er Zeiten net an der Hêmecht brauchen ze verbréngen. Iwerzêgt si mir och, dat sie onst Lêd an ons Péng dêlen. Mir

**zweiwelen net drun, dat sie sech tommele wärden an d'Hêmecht ze kommen, eso'** bal de Preiss d'Klöppele bei d'Tromm gelûegt a sech berêt gemâcht hûet fir

H E I M   I N S   R E I C H

---

Helleft dem "Freie Lötzeburger" an dir helleft îech selwer

---

---- 50.000 Hénger gin an d'Wakanz ----

Nên, elo gin ons Hénger och an Deitschland an d'Wakanz geschéckt. Wat hate zie dach verbrach ? Wûel de Preisen net genug Er gelûegt. Ons Bauere wore gewinnt ze soen : "t ass Wanter, ons Hénger léen net. Domat komme sie bei de Preisen net un, de' neischt wölle wössen vun demokrateschen Hénger, de' d'"grêve sur le tas" mâchen. Sie wöllen "Neuordnungshénger", de' léen op Kommando. Ein Huhn, ein Ei pro Tag, an drönner komme sie net lass. Ons Hénger de', we' mir Lötzeburger selwer, alles gemitlech mâchen, hun dât net fîerdeg brûecht. Für ihre passive Haltung haben sie zu büssen. D'Verûerdnong ass komm : vun 3 Hénger ass I ofzeliweren. Wûer sie gin wösse mir net, ma mir zweiwelen et. A wa sie bis èmol fort sin, da kre't kên Hunn me' derno.

No den Hénger sollen d'Karnéngercher un d'Rei kommen.

Lötzeburger, losst de Preiss ons Hénger net pleimen, pleimt de Preiss. Losst de Preiss ons Karnéngercher net ströppen, ströppt de Preiss.

---

Lötzeburger, gitt dem Preiss aus der Wé,
göt him keng Geléenhêt îech unzerîeden.

---

--- Lötzeburger Familjenîen ---

Ons Zivilverwaltong wöllt mat alle Möttelen alles, wat den Uschein hûet net deitsch ze sin, radikal verschwannen dun. Wivill Me'nt ass sie ewell am gâng mat der Verdeitschong vun onse Familjenîen ? Et verstêt sech vum selwen dat mir all un onsem Nûem hänken we' un onser Hêmecht, an dat mir hîen, dem Preiss zer Plese'er, net wöllen änneren. Gewösse Bângschösser hu sech dran ergin an hun hire Familjenûem eso' geännert, dat e schéngt deitsch ze sin, deitsch ze klénken. Aner (an dât sin de' mêscht) wöllen net nogin an hale fest um ale (richtege) Nûem.

Här Gaul eiter, wir et net besser, dir ge'ft an Deitschland selwer mat alle frîeme Wîerder an Nîem opraumen ?Do hätt dir Arbecht fir e pûer Jor, an an dèr Zeit géng de Krich eso' lûes eriwer an dir könnt ons de Bockel era lafen. Mir sin, bis elo, mat îech dûrch déck an dönn gângen, ma wann dir ons de geîerwte Nûem nach wöllt klauen (no all dém wat dir ons ewell geklaut hûet), dann ass d'Bötschel fett. Nên, Männercher, dât Ierfstéck gi mir net aus den Hänn.

Fir wat hûet dir, Här SIMON, èren Nûem nach net geännert ? Gitt dach mam gudde Beispill vir. SIMON ass do'dsecher net deitsch, an och net 100 %eg arysch. An dir sitt net dèn ènzegen an der gro'sser deitscher Familjen. Wann dir dohêm de' wivill honnert dausend frîem Nîem ge'ft verdeitschen, do könnt dir vill nötzlech Arbecht mâchen. Et sin ower net nömmen franse'sch, polnesch, russesch, italienesch a skandinavesch Nîem am Preissland ze fannen, ma och lötzeburger Nîem. Hei e pûer Beispiller :
Ribbentrop ass 50 % lötzeburgesch a 50 % franse'sch. Den Nûem stâmt of vum lötzeburgesche Wûert "Ribben", an d'Ergänzong könnt vum franse'schen "trop" (ze vill). Ribbentrop hêscht also : ze vill Ribben.
Papen ass 100 % lötzeburgesch. Papen hêscht op lötzeburgesch pechen oder kliewen. Den deitsche Gesandten an der Tirkei ass iwrigens ganz "papech". Vu papen könnt och hîer d'Wûert : Papschossel.
Kluck ass och 100 % lötzeburgesch. De Generol von Kluck muss et dach wössen. An onser Sprôch bedeit Kluck e bre'echt Hong. Dât mécht kên ons falsch. Och dir net, Här Simon.
Rommel. Klénkt e Wûert me' lötzeburgesch we' dât elei ? D'Rommelen sin eng Zort Ribben (ro'd Ribben) a sin an desem Ament net lîcht ze fannen (grad we' de Generol Rommel).
Bendel. Kê ka bestreiden, dat och dese Nûem net vum lötzeburgeschen ofstâmt. Op deitsch hûet "Bendel" gûer kê Sönn, ower mir aner wössen nömmen ze vill gutt wat e Bendel, a besonnesch e Fraleidshûesebendel ass.
Bäckerle. D'Preise behapten "Bäckerle" ge'f bedeiten : e klenge Bäcker.Hir

Opfâssong ass ower ganz falsch, well mir hun d'Beweisser dat dese Nûem hierkönnt vum lötzeburgeschen "Béckerléck". Note'ert îech dât, Här Simon.

Krupp. En Nûem dèn an engem deitschen O'er wûel deitsch klénkt. A Wiérkléchkêt könnt den Nûem vum franse'schen "croupe" hier. Nom Larousse bedeit "croupe": Partie postérieure de certains animaux, qui s'étend depuis les reins jusqu'à l'origine de la queue. An de Larousse wor och keng domm Lo'der. Net wo'er, Här Simon ?

Schlächer. Iwer dese Nûem ass vill gestridde gin, ma ons Opfâssong konnt bis elo net widderlûegt gin. Den Nûem "Schlächer" wor schons amMöttelalter bei ons ze fannen. Dèmols hûet e sech e bös'chen anescht geschriwen. De' "Schlächer" wore bei ons gûer net bele'ft an d'Vollék wor hinnen eso' opsösseg, dat sie sech all an d'Preissland hu misse verfâssen. Am Laf vun de Joren hu sie den Ufanksbuchstaf A fale gelosst. Wann d'Schlächer hetgesdags och echt Preise sin, hire Nûem bleift dach 100 % lötzeburgesch.

Här Simon, mir hun îech elei e pûer "déck" preisesch Familje genannt, de' me' we' e Jorhonnert op d'Verdeitschong vun hirem Nûem warden. Mir hun net am mannsten d'Absecht vun îech, um Enn vum Krich, d'Ausliwerong vun déne Reichs-Lötzeburger ze verlângen. All de' "Ribben" - "Papen" - "Klucken" - "Rommelen" - "Bendelen" - " Béckerlécken" a "Schlächer" schenke mir îech vun Hîerzen, well sie dachen net me' we' dir selwer.

Ofgesi vun de Familjenîem si bei îech nach eng Onmass aner frîem Wîerder ze verdeitschen :

Soldat-Korporal-Leutnant-Offizier-General-Admiral-Kommandeur-Kompagnie-Bataillon-Regiment-Division-Korps-Armee-Infanterie-Kavallerie-Artillerie-Füsillier-Kürassier-Dragoner-Reserve-Offensive-Defensive-Uniform-Bombe-Kanone-Bayonnette-Front-Marsch-mobilisieren.

Organisation-Operation-Demonstration-Provokation-Tradition-Konzentration-Kapitulation-Generation-Produktion-Kommission-Illusion-Propaganda-Konferenz-Katastrophe-Konsequenz-Initiative-Charakter-Dokument-Kontrolle-Komitee-Kritik-Problem-Appell-Chef-Zivil.

Allee-Chaussee-Balkong-Terrasse-Restaurant-Hotel-Garage-Chauffeur-Büro-Direktor-Sekretär-Korrespondent-Adresse-Klavier-Frisör-Toilette-Parfüm-Likör-Kanapee-Ballet-Glacé-famos-loyal-arrogant-kolossal.

An dèr Wîerder könnte mir îech nach honnerte nennen. Fannt dir net, Här Gaul eiter, dat d'Preisen arem u Wîerder sin ? Fannt dir net, dat et en Onsënn ass eppes bei ons wöllen ze mâchen, wat bei îech vill me' ne'deg wir a wat dir dohêm bis elo net fîerdeg brûecht hûet ? Arem Gêschter, pakt an, Seibert, fir unzefânken, èr ège Sprôch, sie ass es me' ne'deg we' ons. Ass et nit fir ze lâchen aus enger Avenue eng "Allee" an aus engem Coiffeur e "Frisör" ze mân. E schappegt "Zeugnis" fir en "Herrenvolk", dât dir wöllt sin.

---

D' "Parole" vum lötzeburger Kand
ass : Trei der Kro'n, dem Hêmechtsland.

---

--- Die Verfassung des 3.Reiches ---

1) Das deutsche Volk besteht aus den Führern und den Angeführten.
2) Es ernennt und erschiesst seine Minister selbst.
3) Sämtliche Stände sind aufgehoben. Insbesondere
   A. Der Wohlstand
   B. Der Verstand
   C. Der Anstand

Einzig der N O T S T A N D bleibt bestehen.

---

Der deutsche Webstoff besteht aus :

1) Hitlers Hirngespinst
2) Goebbels Lügengewebe
3) Den Lumpen der Partei, und
4) Dem unzerreissbaren Faden der Geduld des deutschen Volkes.

Lîest a verbrêd de "Freie Lötzeburger"

---

--- Bre'fkôscht ---

Bolero : Ere Päckelchen ass gutt ukomm. Merci.

Pärdskrécher, Simmern : Mir musse fir de 7ten Abröl Beschêd wössen, soss ass et ze spe't.

**Vu Geld ass agângen**

Plateau Bourbon : 500 Fr. - E'slécker : 200 Fr. - Gesankverein Knappho'-schent : 125 Fr. - Joffer Kätty : 100 Fr. - E Klatzkapp vu B. : 100 Fr. Quetschentârt : 100 Fr. - Streiselkuch : 50 Fr. - Ro'de Le'w, hûel se : 20 Fr.

Villmols merci.

---

Wat bedeiten de' Buchstawen L P L ?

L P L wöllt soen : Lötzeburger Patriote Liga.

Helleft der L P L an dir helleft de Preiss aus der Hêmecht verdreiwen.

---

--- Un ons Lîeser ---

Mir wöllen îech heimat kûrz matdêlen, dat "De Freie Lötzeburger", dè bis elo als ganz onôfhängegt Blad erschéngen ass, vum Iten Abröl un un d' L P L iwergêt.

Mir danken îech vun Hîerzen fir èr fröndlech Ennerstötzong a mir sin iwerzêgt och weider op îech dûerfen ze zfelen.

Lötzeburger, rêcht îech d'Hand,
um Spill stêt d'Lo's vum Hêmechtsland.

D'Redactio'n

---

--- Löschtegen Eck ---

(Eng Geschicht vum Ginze Gre't)

D'Gre't ko'm vum Ettelbréker Mârt. Ennerwé bege'nt et engem preisesche Zaldot, gelûeden we' en Iesel. Et wollt de Preiss e bös'chen ûzen a sot : A wo'hin dann mat Sâk a Pâk ? Gitt derr a Russland ?

Zaldot : Ach, Mütterchen, Sie fragen wohin ich fahre, ich weiss das selbst nicht. Uns Soldaten wird befohlen, wir haben nur zu gehorchen.

Gre't : Wosst derr wat derr sitt ? Domm Lo'deren. Geheit ère Böndel dûer an de Grûef a gitt hêm bei èr Frâ. Derr konnt dè Krich hei jo dach néck gewannen.

Zaldot : Glauben Sie ?

Gre't : So' secher we' en Herrgott am Himmel ass. Blannemännches göt derr èrt Liewen fir ère Führer.........

Zaldot :.......für unsern Führer wollen wir sterben. Er wird uns den Sieg und den Frieden bringen.

Gre't : En alen Dreck. Ere Führer ass e gro'sse Schnössert. Wat hûet hîen îech net alles versprach? Sei Blötzkrich ass fél geschlon, an elo leit derr mam Asch am Dreck.

Zaldot : Reden Sie nicht so dumm. Unser Führer hat alles von vornherein einkalkuliert und jedes Ziel das er sich gesetzt hat wird er erreichen.

Gre't : Mei le'we Mann, äch wöll äch eppes son. Mei Papp war och e Führer, eso' gûer en Zuchführer a keng domm Lo'der. 30 Jor lâng ass hîe vu Cruchten an d'Fîels gefûer. Alle Ke'er wosst hîe wûer e sollt fûeren, ma honnerte mol ass hîe mat sengem Zuch op d'Schnéss gâng, a ko'm net bis un sein "Ziel". An eso' gêt èrem Führer och. Domm Lo'der de's de bass.

---

C. W. O. II C. 2 G. M.

Der Wochenplan des deutschen Reichstheaters

| | | |
|---|---|---|
| Montag | Maskarade | mit Hermann Goering |
| Dienstag | Wer lügt, der stiehlt | " Dr. Goebbels |
| Mittwoch | Das Ende einer grossen Liebe | " E. Roehm |
| Donnerstag | 2 X 2 = 5 | " Dr. Schacht |
| Freitag | Der Meineidbauer | " Lutze |
| Samstag | Nathan der Weise | " Julius Streicher |
| Sonntag/Nachm. | Die Heilige und ihr Narr | " Leni Riefenstahl und Adolf Hitler |
| Sonntag/Abend | Die Räuber | " dem ganzen Ensemble |

--- Biljéen sin ze kre'en an der Redaktio'n vum "Freie Lötzeburger" ---

---

-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-

Nº 10 vun onsem Blad ass um Wemperhardt gedréckt gin.

-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-

Belgian War Press